ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Februar 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Leit, déi positiv op Covid-19 getest goufen, sief et duerch een Antigen-Schnelltest oder een zertifiéierte PCR-Test, sinn dru gehalen, hiert Resultat op https://covidtracing.public.lu/ ze mellen. Et ass awer sou, datt et hei am Land vill, besonnesch eeler Leit gëtt, déi keen Internetzougank hunn an och keng Persoun kennen, déi fir si d'Informatioun op deem genannte Site kéint androen.

Verkompliz éiert gëtt d'Situatioun vun dëse Leit dann oft doduerch, datt si telefonesch net bei der Santé duerchkommen, och wa si dat puermol versichen an dobäi laang waarden, an der Hoffnung, datt d'Linn fräi gëtt. Verschidde Leit ginn et dann op, hiert positiivt Testresultat den Autoritéite matzedeelen.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Ministesch:

1) Wéi sollen déi Leit an där beschriwwener Situatioun reagéieren?
2) Ass d'Madamm Minister der Meenung, datt et duergeet, wann dës Leit an deem Fall just deene Persoune Bescheed soen, mat deene si an enkem Kontakt waren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen, Deputéierten